Veinen verléiert ungleckliсh geent Béiwen

Mat 1-2 zéit den FC Orania de Kierzeren geent d'US Béiwen.

No 15 Minutte waren et déi Béiwener déi zwu 100% Chance net verwäerte konnten.

Dono kumme mir awer ëmmer besser an de Match an no ëm individuelle Feeler vun em Béiwener Verteidiger konnt den Danny Timoteo eis Fuarwen mat 1-0 a Féierung bringen. Leider hat hee sich bei der Aktiun verletzt an hott missen 10 Minutte mi spidd ousgeweeselt ginn.

Nom Pausentéi honn eis Jungen weider Drock gemaach, bal all Zweekämpf gewonn, Chance fir Chance erous gespillt mä leider de Goal net getraff oder mir sënn um Keeper hinke bliiwen, deen e gouden Dag erwëscht hat.

Ëmmer rëm war et de Christian dee fir d'ischt am Zentrum a mi spidd iwwer de Couloir fir Musik gesuergt hott.

Leider kënnt et da wi et am Foussball eben ëmmer kënnt :

E Freistuus vun +-25m, ousgefouert vum am Moment beste Stiermer ous eiser Divisiun (11 Goaler no 6 Matcher) José Monteiro, dee bis dohin awer och su eppes vu komplett vum Patrick ofgemellt war, unhaltbar an de Winkel.

Eisem Spill hat dat siichtlich e Broch gin a mir ware net méi su dominant wi direkt no der Halbzeit. Trotzdem hate mir Bäll fir rëm a Féierung ze goen.

An der 77. Minutt war et en Orania Spiller deen iiwer d'Seit ëmspillt guuf. Déi Flank vum USB-Spiller an de 16m guff vum José Monteiro kuerz mam Koop an en aner Richtung gelinkt an de Ball ass ënner links am Goal geland. 1-2

Di een uder aner Geleegenheet hate mir nooch mä zum Ousgleich sollt et net mi kommen.

Tjo su ass eben de Foussball...Déi een Kéier hoss de Gléck, wi z.b geent Baastenduerf, déi aner Kéier hoss de Pech.

Goud ass et dass mer net laang musse woorden bis mer rëm kënne spille well de Sonndig gi mer op Kielen. RV ass um 16h.